N°8285
Entrée le 05.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.09.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/09/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Am Fall vun engem Krankeschäi ka bei de Mataarbechter:inne beim Staat den Kontrolldokter saiséiert ginn, deen eng Evaluatioun vum Gesondheetszoustand vun der betraffener Persoun ka maachen. Dëse kann dann d'Incapacité de travail bestätegen oder als net justifiéiert ugesinn. An deem Fall gëtt CGPO saiséiert fir d'Paie fir dës Zäit zréck ze froe respektiv zréck ze halen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt de Mataarbechter:inne vum Staat eng Decisioun vum Kontrolldokter matgedeelt?
2. A wat fir engem Delai muss dës Decisioun de Betraffene matgedeelt ginn?
3. Wat fir Méiglechkeeten huet een dee Moment, fir Recours géint dës Decisioun anzeleeën? Gëtt et hei Ënnerscheeder tëscht Salarié, Employé a Fonctionnaire de l'Etat? Wa jo, wéi eng?
4. Huet den/déi Betraffen Accès op hir Dossiere vum Aarbechtsdokter?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten